

Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

19. 8497 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative au Titre V, Chapitre 11 « Des pétitions »

An da kéime mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dem Ännerungsvorschlag vum Chambersreglement 8497, enger Ofännerung vum Kapitel iwwert d'Petitiounen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht, dee selwechten also wéi virdrun. Et hu sech schon ageschriwwen: den Här Jean-Paul Schaaf, den Här André Bauler, d'Madamm Francine Closener, d'Madamm Alexandra Schoos, den Här Meris Sehovic, den Här Marc Goergen an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Ännerungsvorschlag vum Chambersreglement, déi honorabel Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson.

Rapport de la Commission du Règlement

Mme Sam Tanson (déi gréng), rapportrice | Jo, merci, Här President, fir d'Wuert. Ech ginn elo hei e bëssen am Detail op déi Proposen an, fir eist Chambersreglement ze änneren, wat d'Petitionsrecht ubelaangt. Dat si jo eebe grad Changementer, déi alleguerten déi Leit concernéieren, déi wëlle Petitiounen erareeche. An ech kucken direkt op d'Francine Closener, wat déi Proposition hei deposéiert huet. Dat hei war en Zesummeschaffen tëscht der Petitionskommission an der Règlementscommission. Dat ass elo alles ganz séier gaangen. Et war en Depot de 6. Februar 2025 an de 26. Februar sinn ech als Rapportrice genannt ginn an ass och den Exame vun deem Text gemaach ginn.

Dat kléngt elo immens rapid. Et muss een awer wëssen: Do gouf et schon eng Viraarbecht, déi am Virfeld gemaach gi war um Niveau vun deenen zwou Kommissionen, wou mer schon op engem Text geschafft haten. An duerfir, dat erkläert dann och vläicht dee ganz séieren Delai.

Ëm wat geet et? Et geet am Fong drëm, dass mer sollen hei verschidde Reegele wierklech festhalen um Niveau vum Reglement, déi sech och erginn hunn duerch d'Erfahrungswärter iwwert déi lescht Joren um Niveau vun der Kommission. Zum engen Deel sinn dat Praxisen, wéi se souwiesou gehandhaabt gi sinn. Anerer si vläicht elo derbäikomm, well ee festgestallt huet, dass een net onbedéngt déi néideg Handhab huet.

Et geet am Fong drëm, Rechtssécherheet hei ze schafen, dass all Bierger weess, wéi e sech muss uleeën, fir déi Petitioun eranzereche, wéi eng Konditiounen et och vläicht gëtt, fir eng Petitioun ze refuséieren, wat och d'Formkonditiounen sinn. Et ass och scho vill iwwert de Seuil geschwat ginn. Ech ginn herno kuerz dorobber an. An da gëtt et och elo e ganz neien Tool, eeben en elektronischen Tool, fir déi Petitiounen eranzereche. Och dorop ginn ech kuerz nach am Detail an.

Ech wollt just virop nach eng Remark maachen, déi mer och am Rapport festgehalen hunn. Den Artikel 82 vun der Verfassung, dee seet actuellement: „La Chambre des Députés reçoit les pétitions qui lui sont adressées dans la forme prescrite par son Règlement.“ Et ass eng reng formal Geschicht. Mir ginn hei e bësse méi wäit, an et wier schon eng Recommandatioun, sech den Artikel do nach eng Kéier unzekucken, wa mer en Toilettege maache vu verschiddenen Dispositiounen vun der Constitution, fir dass den Ancreage och ganz prezis an der Verfassung ass an och kee Malentendu entsteet.

Et geet elo hei ëm zwee Artikelen, wou déi zwee Petitionsrechter, dat ordinäert an dat vun der öffentlecher Petitioun, gereegelt ginn a wou eeben, wéi gesot, eng Rei Prezisiounen bäikommen.

Wat elo d'Konditiounen ugeet fir d'Petitiounen, bon, do ass et eeben elo esou, dass fir déi zwou Formen vu Petitiounen kloer an den Text geschriwwen gëtt, dass ee muss am RNPP, also am Registre national des personnes physiques, agedroe sinn an op d'mannst 15 Joer hunn, fir esou eng Demande erareeche ze kënnen. Déi Konditiounen spillen, wéi gesot, fir déi zwou Petitiounen. Et geet eeben drëm, dass een e Lien mat Lëtzebuerg huet.

Da ginn och déi zwou Petitionsformen elo hei am Text definéiert. Dat eent, dat si jo déi, wou een Ënnerschrëfte sammelt an erareecht, an dat anert sinn déi, déi wierklech och hei um Site vun der Chamber publizéiert ginn, am Sënn och fir ze hoffen, op de Seuil ze kommen, fir dann hei am Plenum kënnen eng Diskussioun mat de politeschen Responsabelen ze féieren.

Wann ech elo bei de Pétition-ordinairé sinn, do gëtt et verschidden Aart a Weisen, fir déi Petitiounen ze deposéieren. Dat eent sinn dann eeben déi Outil LuxTrust an eIDAS. Dat sinn elektronesch Authentifikationsmechanismen. Et kann een awer weiderhin – fir déi Leit, déi dat net iwwert dee Wee wëlle maachen – d'Petitioun hei an der Chamber physisch deposéieren. Da muss ee sech natierlech identifizéieren. Oder, wann een empedéiert ass oder net wëll heihinner kommen, da kann een dat och par courrier postal maachen. Do brauch een dann allerdéngs eng Legalisatioun vun der Ënnerschrëft. Dat ass natierlech dann e bësse méi eng schwéierfällg Prozedur. Mee et geet drëm, dass ee Kloeerheet huet, fir ze wëssen, wien den Auteur vun der Petitioun ass. Dës Konditioun gëllt souwuel fir d'Pétition ordinaire wéi och fir déi aner Petitiounen.

Da si mer nach ëmmer bei de Pétitions ordinaires. Do gëtt et dann d'Recevabilitéit vun deene Petitiounen. Déi gëtt elo exklusiv just nach vun der Commission des Pétitions gekuckt an dat gëtt net méi an d'Conférence des Présidents renvoyéiert. Et gëtt och dann eng Äntwert, déi preparéiert gëtt an déi motivéiert ass, fir den Auteur vun där Petitioun. Do steet dann och ganz kloer dran, wéi eng Elementer elo kënnen do drakommen an och eeben dass eng Prise de position bei engem Member vun der Regierung sollicitéiert ka ginn – also bei der Regierung, entschëllegt, net méi bei engem Member vun der Regierung. Dat ass

eng Diskussioun, déi mer haten, dass d'Regierung am Fong selwer zoustänneg ass, fir ze decidéieren, wéi ee Member vun der Regierung fir deen Debat zoustänneg ass. Et ass och keng Obligatioun méi, et un déi zoustänneg Kommissioun ze renvoyéieren an der Chamber, mee eng Facultéit.

Da gëtt et weiderhin och d'Recht, eng Prise de position vun der Regierung ze froen. Deen Delai gëtt elo erhéicht op 60 Deeg. Dat ass, well eng ganz grouss Mass un Demanden do sinn a mer scho gärten eng seriöse Prise de position do um Niveau vun der Regierung hätten a well et och esou ass, dass déi Petitiounen, déi hei net de Seuil errechen, kënnen ëmformuléiert ginn an eng Pétition ordinaire, fir dass dann eeben do och eng Äntwert ka vun de Ministere kommen. Wann deen Delai ofgelaf ass, da kann d'Regierung invitéiert ginn, an d'Commission des Pétitions ze kommen an do och eng mëndlech Prise de position ze maachen. Dann ass natierlech och virgesinn, dass déi Prise de position weidergi gëtt.

Da komme mer bei d'Pétition-publicken. Do gëtt dann elo eeben och festgehalen, dass deen Dépôt électronique um Internetsite vun de Petitiounen, petitions.lu, gemaach gëtt. Dann eeben och nach eng Kéier d'Konditiounen vun dem Depot vun der Petitioun, déi déi selwecht si wéi bei der Pétition ordinaire.

No wéi engem Uerder ginn déi verschidde Petitiounen traitéiert? Dat ass en Ordre chronologique, fir dass all Petitioun gläichgestallt gëtt.

An et gëtt awer och eng Rëtsch Recevabilitéitskrittären, 15 am Ganzen, elo opgeschriwwen, déi maachen, dass eng Petitioun net kann ugehall ginn. D'Deputéiert an d'Regierungsmembere sinn exclu vum Droit de pétition. D'Petitioun muss an enger vun de Langue-administrativ gemaach sinn. Si muss depersonaliséiert sinn, also net an der Ech-Form sinn an ëm „mech“ goen. Dann ass et kloer, dass keng falsch Informatiounen dierfen an der Petitioun sinn. D'Sprooch muss korrekt bleiwen. Et muss an d'Attributiounen vun der Chamber falen. Si dierf net contraire zu de Mënschenrechter sinn oder eng Incitation à la haine enthalten. Si muss verständlech sinn. Den Titel, den Intitulé vun der Petitioun, muss och kloer sinn. Si dierf net diffamatoresch sinn oder eng Persoun prezis viséieren. Si dierf natierlech och net ëm eng Gerichtsaffär goen, déi amgaangen ass.

An dann ass natierlech och déi Fro vum Delai. Dat gëtt et och haut schon an der Praxis, dass se net dierf während 12 Méint eragereecht ginn, nodeems eng gläich Petitioun eragereecht ginn ass oder nodeems en Delai vun 12 Méint war vun engem Débat public iwwert dee selwechte Sujet.

Da kënn et um redaktionellen Niveau oft vir, dass proposéiert gëtt, eppes ëmzeänneren. Elo gëtt dat hei ancréiert, dass déi Demande de reformulation vun der Commission des Pétitions selwer ka kommen, fir eeben och do ze acceleréieren. Dat muss natierlech am Accord mat den Auteurs geschéien.

Den Accord fir d'Recevabilitéit läit elo bei der Commission des Pétitions. Och do geet et drëm, Zäit ze gewannen. Ganz wichteg: Wann een e Refus kritt, gëtt et elo e Recours gracieux, deen och virun der Commission des Pétitions stattfënnt. Dee muss och imperativ gemaach ginn, wann een duerno wëll e Recours administratif maachen, mee et ass wichteg, dass dat elo hei formell och esou drasteet.

Da gëtt et och nach d'Méiglechkeet, eng Pétition publique en suspens ze halen, wann eng Recherche juridique muss gemaach ginn oder wann zwou Pétition-publicke gläichzäitg deposéiert sinn, déi similaire sinn, wann een do muss nach mat den Auteurs kucken.

Dann ass och nach virgesinn, dass, wann eng Petitioun net recevabel ass, well d'Chamber net kompetent ass – eppes, wat och an der Praxis scho gemaach gëtt –, dann den Organisme oder déi kompetent Autoritéit d'Petitioun kritt.

Natierlech gëtt och den Dateschutz kloer gereegelt. Eier d'Petitioun publizéiert ginn ass, kann de Petitiounär natierlech zu all Moment de Retrait froen. Wa se awer bis ëffentlech ass, da muss déi Demande par écrit gemaach ginn an dann ass et d'Kommissioun, déi decidéiert, ob se kann zrëckgezu ginn oder net. An exceptionnel kann och d'Commission des Pétitions decidéieren, eng Pétition publique, déi op ass a fir Ënnerschrëften och op ass, zrëckzezéien. An da gëtt et och nach eng Situatioun ganz urgente, wou de President vun der Kommissioun déi Decisioun kann huelen, éier se confirméiert da ginn ass vun der Kommissioun.

D'Petitioun sinn och net anonym. Si kënnen allerdings ee Joer no der Publikatioun vun der Petitioun anonymiséiert ginn.

Da ginn ech nach kuerz op déi Fro vum Seuil an. Do wësst Der, dass de Seuil elo eropgeet vu 4.500 op 5.500. Dat kënnt dohier: 2013 war de Seuil op dee Seuil fixéiert ginn. Et ass elo laang gekuckt ginn, wéi een dat elo kéint aneschtens maachen. Et kann ee sech net op den RNPP baséieren, well do zwar wuel déi Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen, wa se stierwen, aus dem RNPP erausgeholl ginn, awer dat net zielt fir Leit, déi eng Kéier hei gewunnt hunn oder déi eebe Frontalier sinn. Do ass dat méi schwierig. Dofir ass déi Zuel vum RNPP net eng, déi een hätt kënnen huelen.

Duerfir ass gekuckt ginn an et sinn d'Donnéeën vum LUSTAT vum Statec, „Évolution de la population totale“, déi elo geholl gi sinn. Dunn ass eng Rechnung gemaach ginn. D'Residenten an d'Travailleur frontaliers, dat waren 2013 537.039 Residenten an 161.457 Travailleurs frontaliers. Dat mécht grosso modo 0,6 % vun der Populatioun aus, wann een déi 4.500 Ënnerschrëften hëlt. Dat ass dann extrapoléiert ginn. Do kéim een haut, also op den 1. Januar 2024, dann op 5.405 Ënnerschrëften, an doraus sinnen dann déi 5.500 Ënnerschrëften entstanden. Do gouf et vill Diskussiounen an der Kommissioun, dofir hu mer och gefrot, dass e Vote séparé wäert zu deem dote Punkt kommen. Do wäerten dann d'Kollegen nach an déi eng oder aner Richtung am Detail dorobber agoen.

Ech denken, ech hunn elo déi wichtegst Saachen hei gesot. Nach vläicht zu de Sproochen: D'Petitiounen mussen an enger vun den offizielle Sproochen eragereecht ginn. An och den Debat leeft prinzipiell op Lëtzebuergesch. Et kann awer eng Interpretatioun op Franséisch oder op Däitsch gemaach ginn.

An et sinn natierlech och transitoiresch Dispositiounen virgesinn. All déi Petitiounen, déi eragereecht goufen, déi lafen nach ënnert dem ale Regimm. An deenen, dee leeft dann ab dem 15. Mäerz fir déi nei Petitiounen.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson, fir Äre mëndlechen an Äre schrëftleche Rapport.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Jean-Paul Schaaf. Här Schaaf.

Discussion générale

M. Jean-Paul Schaaf (CSV) | Merci, Här President. Merci och der Rapportrice, déi dat Weesentlecht gesot huet. Da kann ech méi kuerz sinn. Also, mir sinn hei, fir déi Modifikatiounen vum Chambersreglement

guttzeheeschen. Et ass e Schrëtt – ech wëll dat op dëser Plaz soen –, deen net dofir geduecht ass, iergendeng Aschränkung an iergendenger Form fir deen een oder aneren, dee wëllt eng Petitioun eraginn, ze maachen. Et ass e Schrëtt fir méi Transparenz, méi Sécherheet, méi Struktur, och méi Kloerheet, soudass och de Petitiounär kann noliesen, wat genau eigentlech d'Form, d'Delaie sinn, d'Konditiounen sinn, ënnert deenen hie seng Demande fir eng Petitioun ka maachen, an ab wéini dann och déi Petitioun traitéiert gëtt. Dat ass, mengen ech, schonn eng Kloerheet.

(M. Fernand Etgen prend la présidence.)

Dat ass och eng Kloerheet fir d'Kommissiounsmembere selwer, well se elo vill Zäit dermat verbruecht hunn, fir ze diskutéieren: „Wéi gi mer elo domadder ëm bei deenen eenzelnen Texter?“ Et ass net ëmmer alles esou evident an esou kloer gewiescht an der aler Reegelung. Duerfir ass dat heite méi previsibel fir deen een a méi praktikabel och fir deen aneren. An et ass, mengen ech, och logesch, dass een no zéng Joer eng Adaptatioun vum Petitiounsrecht ka maachen.

D'Petitiounsrecht ass e Recht, wat vill genotzt gëtt. Dat hu mer gemierkt. D'Petitiounen si bekannt, méi bekannt, wéi se jeemools virdu waren, dat och dank der Press, dank de Social Media, dank awer och dem Internetsite, deen exzellent ass, deen eis Chamber gemaach huet. Si sinn och an engem Rechtsstaat noutwendeg a wichteg a si bréngen och der Politik Iddien an Opmierksamkeet op Punkten, un déi een net direkt geduecht huet, déi net uewen um Koup lounen, wou een opmierksam gëtt op eng erlieften oder gefillten Ongerechtegkeet oder eng reell Ongerechtegkeet, déi Leit haten. Voilà.

Ech wëll och nach soen, dass meng Erfahrung déi ass, dass d'Kommissiounsmembere déi Petitiounen mat ganz, ganz vill Respekt traitéieren, ëmmer kucken, am Sënn vum Petitiounär ze handelen. Dat sinn interessant Diskussiounen. Et ass eng interessant Kommissioun, well et muss een och dacks ofweien, fir ze soen – a mir diskutéieren heiansdo laang, fir emol richtig ze verstoen –: „Wat ass da lo richtig gemengt?“, well d'Formulatioun, an d'Rapportrice huet dat och gesot, an d'Emformuléierung och eng Méiglechkeet muss sinn, well et mécht kee Sënn, en Text ze publizéieren, wou herno Interpretatiounsschwierigkeeten do sinn an deen dann och esou net ka propper sai Wee duerch d'Struktur goen.

Et ass fir eis och wichteg, mengen ech, als Politiker, well et eis erlaabt, de Bols ze fille vun de Leit dobaussen. Duerfir wëll ech op dëser Plaz awer och e grouse Respekt a Merci ausdrécken un d'Personal vun der Chamber, den Här Spier, d'Madamm Pinto notament, déi an de Kommissiounen ganz vill Erklärungen heiansdo mussen ginn, well een – ech ginn e Beispill –, wann ee freet, fir ze soen: „Dat doten ass eng Ongerechtegkeet an der Legislatioun“, da muss ee fir d'éischt mol eng Recherche maachen, ob dat do da wierklech an der Legislatioun esou formuléiert ass, ob effektiv dat, wat d'Leit froen, net scho rechtlech iergendwou existéiert. Et muss een also do vill Rechercheaarbecht maachen. Dat mécht d'Personal mat ganz vill Respekt a ganz vill Engagement. Duerfir mai grouse Respekt fir si.

Mir allegueren kënnen houfreg sinn op dëst Instrument, dat sech wierklech hei absolut bewäert huet. Wa virun zéng Joer ronn 230 Petitiounen am Joer ..., oder an der Moyenne vun deenen éischten zéng Joer 230 Petitiounen pro Joer erakomm sinn, da si mer elo bei iwwer 400 pro Joer. Dorunner gesäit een eigentlech, dass de Bekanntheetsgrad zougeholl huet an dass d'Leit dorobber zrëckgräfen.

Hei ass – an d'Rapportrice huet et gesot – vill no-geduecht ginn, wéi een dat doten elo dann alles ka besser zesummeffaassen, besser hikréien. An ech mengen, dass mer wierklech e gudden Text virleien hunn, deen déi weesentlech Froen allegueren hei ganz, ganz gutt a propper an transparent fir eis selwer a fir d'Leit dobaussen erkläert.

De Seuil, nach ofschléissend e Saz och dozou. D'Madamm Rapportrice huet domadder opgehalen. Jo, dat war eng Diskussioun, well dee Seuil fixéiert ginn ass op 4.500 Signataire, fir dass et zu engem Débat public an der Chamber ka kommen. De Grond, fir et eropzesetzen, dat ass eeben dee, well ee seet: Jo, eis Gesellschaft huet evoluéiert. De Bekanntheetsgrad ass méi grouss ginn. D'Meedien hu méi en Afloss. Et sinn also méi Leit potenziell, déi kënnen signéieren, an et sinn och méi Leit informéiert fir ze signéieren. Mir erliewen also, dass dat Instrument méi a méi genotzt gëtt. Sou hate mer an den éischten Joren tëscht zwee an aacht Débat-publicken, während mer d'lescht Joer iwwer zéng haten. Dat heescht, och dat ass eppes, wat kontinuierlech zouhëlt a wou een och keen Enn dovunner gesäit. Duerfir sti mer eigentlech och zu där Adaptatioun. An objektiven Zuelen ass et eng Hausse, mee am Prozentsaz ass et eng Konstant. Mir bleiwe bei deem Seuil. Dee war 0,6 % vu Frontaliere plus deene Leit, déi eeben um Regëster agedroe sinn, also den Awunner hei am Land. A mir bleiwe bei deenen 0,6 % an de facto ass dat eeben duerch de Bevëlkerungswuesstem natierlech eng Erhéijung vun der absoluter Zuel. Mee wéi soll et och anescht goen?

Voilà, dat gesot, ech denken, dass een nach vläicht herno op deen ee Punkt kann agoen oder ... Här President, därff ech nach e Saz dozou soen? Da maachen ech et direkt.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Dat ass ganz, wéi Dir wëllt.

M. Jean-Paul Schaaf (CSV) | Zum Wonsch, zu der Proposition, fir dee Punkt eenzel ze stëmmen, wou et jo dann ëm dee Seuil do geet – an ech hunn et gesot, ech wëll et awer an Zuelen nach eng Kéier ënnermaeren –: 2013 hate mer 161.000 Frontalieren, ech ronnen of. 2024 sinn dat der 228.000. Mir si bei den Awunner – et misst ee jo da just déi iwwer 15 Joer, well dat sinn déi, déi kënnen signéieren, derbärechen – vu 537.000 op 672.000 eropgaangen. A vun allen Awunner huele mer awer just déi, déi iwwer 15 Joer sinn – dat sinn ongeféier 85 % vun de Leit – do derbäi. Wann ech dat kumuléieren, d'Frontaliere plus déi iwwer 15 Joer, dann hu mer an där Zäitspann do eng Differenz vun zousätzlech 182.000 Leit, déi potenziell kënnen signéieren. Wann 182.000 Leit méi do sinn, déi kënnen eng Signature maachen, fanne mir, dass een iwwer déi 1.000 Leit, déi et méi mussen sinn, net ze vill dierft streiden. Mir waren eis och an der Kommissioun majoritär an och mat der LSAP eens, fir de Rapport esou unzuhuelen op deem dote Punkt. Duerfir menge mir, dass mir sollen do an der Konstant bleiwe bei deenen 0,6 % an duerfir dat och net a Fro stellen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools, Här Schaaf. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

M. André Bauler (DP) | Merci, Här President. Dir sidd wierklech e grousszüege President, ganz indulgent, well mai Virriedner krut méi Zäit, wéi en zegutt hat. Ech wäert mech nach méi kuerz faassen, well et ass ganz villles gesot ginn, wat ech net brauch ze widerhuelen. Ech wollt awer aus Respekt der Madamm Rapporteur felicitéieren – Merci därff een net méi soen – ...

(Hilarité)

... fir hire schrëftlechen a mündleche Bericht.

Et sinn e puer Remarken, déi ech wollt maachen. Den éischte Punkt wier effektiv d'Transparenz vun der Administratioun an domadder am Fong geholl, dass ee sech objektiv a kloer Reegelen an dësem Kontext gëtt, Reegelen, déi een och kann novollzéien, wann d'Petitiounskommissioun Decisiounen hëlt. Et ass esou: Mir kréien, wéi scho virunner gesot ginn ass, ganz vill Petitiounen eran a mir setzen eis och eescht-haft allkéiers domadder ausernee. Et gesäit ee jo och dann, wéi d'Gesellschaft tikt a wat d'Suerge vun de Bierger sinn, wat hir Doleancë sinn.

De Rapport vu POLINDEX, wou ech d'lescht Woch d'Éier hat, zesumme mam President an dem Sëtzungspräsident he hannernt mer de Rapport vun Professer Poirier virgestallt ze kréien. Dee Rapport POLINDEX huet gewisen, datt d'Leit och bei eis hei am Land net 100%eg zefridde si mam demokratesche System, an deem mer liewen. Zanter 2004 huet d'Zefriddenheet apparemment ëm – wat war et? – 22 % ofgehol. Den Här Wiseler, de President vun der Chamber, huet awer zu Recht bemierkt, dass mer déi do Analys nach mussen affinéieren, fir méi genee ze gesinn, wat dat och heescht, Zefriddenheet, a fir déi verschidden Äntwerten, déi mer kruten, nach méi eeben am Detail ze studéieren. D'Moderniséierung vum eelefte Kapitel vun eise Chambersreglement soll effektiv dozou féieren, datt d'Bierger nees méi Vertrauen an d'Verwaltung an domadder och generell an d'Politick solle kréien.

E weidere Punkt, dat wier da mäin zweete Punkt, op deem ech wäert agoen, ass d'Tatsaach, datt d'Petitiounskommissioun d'Méiglechkeet kritt, Petitiounen, déi zum Beispill diffamatoresch sinn oder déi dem Allgemengwuel kënnen schueden, direkt kënnen ze verwerfen. Dat ass effektiv nëtzlech, fir déi Prozedur, déi mer en place hunn, méi effizient ze gestalten. Effektiv ass et vu Virdeel, wann net all Propositionen betreffend eng Petitioun muss duerch d'Präsidentenkonferenz goen. Dat ass eng Entlaaschtung op béide Säiten a mécht d'Aarbecht vun der Chamber e gutt Stéck méi einfach.

An dann als leschte Punkt géif ech wéi meng Virriedner kuerz op d'Erhéijung vum Seuil agoen, deem eng Petitioun brauch, fir dass et zu engem effentlechen Debat kënnt, fir dass dee kann organiséiert ginn. Do sinn och d'Meenungen auserneegaang, net nëmmen an der Commissioun, mee souguer doriwwer eras, well et och Deputéiert gouf, déi vläicht souguer nach manner verlaangt hunn, anerer, déi weesentlech méi Signaturë verlaangt hunn. An der Commissioun hu mer de Seuil vun 0,6 % vun der Bevëlkerung eebe bäibehal. Dat sinn also d'Residenté plus d'Grenzgänger. Natierlech ass d'Fro opkomm, ob et elo net méi schwéier géif ginn oder schwéier gëtt, fir eventuell effentlech iwwer eng Petitioun ze debattéieren. Ech denken awer éischter, datt hei d'Demokratie méi respektéiert gëtt. D'Bevëlkerung ass zanter der Aféierung vun den effentleche Petitioune gewuess, a mat dësem ugepasste Seuil droe mer dës Croissance dann och Rechnung. Dobäi sief och gesot, dass ee Sujet soll wierklech vu genuch Leit akzeptéiert, jo matgedroe ginn, fir eeben ofzesécheren, dass Sujete behandelt ginn, déi méi Leit an der Bevëlkerung wichteg sinn an dofir och relevant sinn.

Dat gesot, ginn ech d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun, soe Merci fir Är Opmierksamkeet a wënschen Iech nach e schéinen Owend.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools, Här Bauler. An da wier et elo un där honorabler Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

Mme Francine Closener (LSAP) | Merci, Här President. No zwielef Joer ass et wierklech Zäit ginn, déi Adaptatiounen ze maachen, iwwert déi mer haut diskutéieren. An als Presidentin vun der Petitiounskommissioun kann ech Iech versécheren, datt mer an eiser Commissioun dës Upassung wierklech net op d'licht Schëller geholl hunn an all eenzelt Changelement kontrovers diskutéiert hunn, natierlech och zesumme mat der Règlementskommissioun. An d'Madamm Tanson huet jo elo de Gros vun de Changelementer schonn ernimmt. Dat erspuert mer, nach eng Kéier op alles anzegoen.

Virop wëll ech eppes ganz kloer soen: Der LSAP geet et drëms, d'Leit ze encouragéieren, sech och weiderhi ganz aktiv derfir anzesetzen, entweder fir eng Cause oder géint e Problem, deem am generellen Interessi ass. Et geet eis awer och drëm, datt d'Petitiounen, d'Debaten an de Suivi, déi mir dem Petitionär schëlleg sinn, och nach an Zukunft hire Stellerwäert behalen. An duerfir brauche mer eebe Changelementer.

Här President, schonn eng ganz Rei Petitiounen an duerno den Débat public hei an der Chamber hunn déi jeeweileg Regierungen déi lescht Joren derzou beweegt, ëmzedenken oder sech engem Problem unzehuelen, dee se vläicht ënnerschat haten. Ech ginn Iech d'Beispill vun der Petitioun zejoert iwwert de Remboursement vun de Brëller fir Kanner, opgrond vun där an dem Débat public d'Chamber d'Regierung per Motioun opgefuerdert huet, sech an der CNS dofir staarkzemaachen. Ech bleiwen och optimistesches, datt d'Regierung dat mécht an dat dann och geschitt, sou wéi d'Chamber dat och wollt.

Här President, net an all de Länner ass dat Instrument vun de Petitiounen awer esou beléift wéi bei eis. An et ass immens gutt, datt d'Leit hei esou dovunner profitéieren, well et ass e wäertvollen Outil am Kampf géint Politikverdrossenheet, am Kampf géint Verschwörungstheorien, déi eis Institutiounen a Fro stellen, am Kampf géint Leit, déi behaupten, datt d'Chamber de Suerge vun de Biergerinnen a Bierger kee Gehéier gëtt. An duerfir musse mer dat Instrument vun de Petitioune gutt versueren, heegen a fleegen an eeben och weiderentwéckelen.

Mam neie Reglement gëtt et elo méi kloer, méi transparent a méi einfach fir d'Bierger, eng Demande fir eng Petitioun anzerechen, déi och dann direkt d'Krittären erfëllt, fir kënnen ugeholl ze ginn. Da kënnt d'Petitioun méi séier online, se ka méi séier ënnerschriwwen ginn, a mat den Ännerungen huet eng Petitioun, déi de Seuil packt, och d'Garantie, datt den Débat public bannent véier Méint stattfëllt. Bis haut ass dat nämlech net de Fall gewiescht. Esou eng Garantie gouf et net. Et ass souguer virkomm an de leschten zwee Joer, datt e Petitionär alt zwielef Méint huet missen op seng Debat waarden. Dat huet ënnerschiedlech Ursachen, op déi d'Petitiounskommissioun elo guer keen Afloss hat, mee dee laangen Délai d'attente huet eebe virun allem domat ze dinn, datt d'Zuel vun den Debate geklomm ass.

D'lescht Joer hate mer der 15 hei am Plenum. Virun eelef Joer, 2014, gouf et der grad emol 5. 2019 waren et der 8. 2022 dunn 12. Mat 15 Debatten hu mer jiddfalls e Rekord erreecht, dee mer net kënnen an och net sollen depasséieren. D'Petitiounsinstrument ass quasi d'Affer gi vu sengem eegene Succès. An de Fait, datt een no engem effentlecher Debat iwwert de Sujet X hei no engem Joer schonn erëm genau dat selwecht per Petitioun ka fuerderen, dee Fait riskéiert, d'Instrument ze schwächen, him och d'Valeur, d'Glawierdegkeet an d'Effikassitéit ze huelen.

Wa 15 Debatten an engem Joer sinn, ass et zäitlech an organisatoresch quasi onméiglech, dem Petitionär

den optimale Suivi ze garantéieren. Duerfir gouf et eeben an der Petitiounskommissioun eng Majoritéit derfir, de Seuil vun de Signaturen ze erhéijen, well eeben d'Populatioun an natierlech d'Zuel vun de Frontaliere massiv gewuess sinn. Mir hunn dat elo hei schonn am Detail héieren. Et gëtt jo deemno och vill méi potenziell Signatairé wéi virun zwielef Joer. De Seuil, deem 2013 festgeluecht gouf, war equivalent zu 0,65 % vun de Residenten a Frontalieren. Haut mécht dee Seuil nach 0,50 % vun den Awunner a Frontalieren aus. Sollt e bei 5.500 Signaturë leien, wier dat den Equivalent vun 0,61 %.

Leider hu mer trotz villen, villen Diskussiounen an der Petitiounskommissioun, keng Unanimitéit fonnt an dëser Fro. Meng Partei, d'LSAP, ass, wéi gesot, och fir eng Upassung vum Seuil, mee mir wëllen awer d'Lat net ze héich leeën a bei der Applikatioun vun deem neie Berechnungsmodus op 5.400 Signaturen ofronnen an net op 5.500 opronnen. Här Schaaf, duerfir si mer eigentlech do net ganz, 100 % op der Sait vun de Majoritéitsparteien. Mee Dir sidd dat gewinnt. An duerfir wäerte mer eis och an engem Vote séparé zu dësem Artikel enthalten.

Et stëmmt, datt an Zukunft also méi Stëmme néideg sinn. Ab dem 15. Mäerz, wann dee Seuil bei 5.500 sollt festgeluecht ginn, da mussen 1.000 Signaturé méi zesummekommen. Et muss een awer och soen, datt vun deene 15 Petitiounen, déi zejoert hei en Débat public mat sech bruecht hunn, scho 4 Stéck déi 5.500 depasséiert hunn a 5 aner Petitiounen eeben och scho méi wéi 5.000 Signaturen haten – also 9 vu 15, déi deem neie Seuil méi wéi sécher gepackt hätten.

Well et muss ee sech och bewosst sinn, dass ee sech eigentlech ëmmer nom Seuil riicht. Et ass e bësse wéi an der Schoul: Wann ee muss 30 kréien, da léiert een och deementspriedend – oder vläicht och méi, hoffentlech. Wann awer 20 duergeet, da gesi mer jo dacks genuch, am Cycle inférieure am Enseignement général, datt vill Schüler sech dann absolutt och guer net méi druginn. D'Erfahrung weist also och bei de Petitiounen, datt d'Mobiliséierung vun enger Petitioun, déi no un de Seuil erukënt, grouss bleift, bis de Seuil dann erreecht ass. An, wéi gesot, eng Petitioun, déi bei 4.480 Stëmme géif scheitern, déi gouf et bis elo nach net. Déi puer Stëmme kritt een dann ëmmer erëm zesummen.

Här President, mir sinn iwwerzeegt, datt dat neit Reglement dem Instrument vun de Petitioune gerecht gëtt. Mir kréien, zemoos och mat deem neie Site, deem de 15. Mäerz online geet, méi einfach an transparent Prozeduren a mir behalen Débats publics, déi pertinent sinn a wou mer als Chamber och kënnen derfir suergen, dass esou Debatten och déi richteg an néideg Konsequenze kréien.

Dofir stëmme mer de Rapport, wäerten eis awer beim Artikel vum Seuil, wéi gesot, enthalten. An zum Schluss, vu menger Sait e ganz grouse Merci un de Service vun der Petitiounskommissioun, un d'Roberta Pinto an un de Joé Spier. Si maachen eng formidabel Aarbecht an ouni si wiere mir haut net hei a kéinten dat hei net stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools, Madamm Closener. An da wier et elo un der honorabler Madamm Lexy Schoos. Madamm Schoos, Dir hutt d'Wuert.

Mme Alexandra Schoos (ADR) | Léif Kollegeinnen a Kollegen, Här Chamberspräsident, eise

Petitionssystem gëtt vun anere Länner begréisst, well en d'Bierger méi no un d'Politick bréngt beziehungsweise se méi direkt drun deelhuele léisst.

(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)

Mee och eise System kann ëmmer erëm verbessert ginn. D'Detailer hu mer grad gutt erkläert kritt vun der Madamm Rapportrice, dowéinst wäert ech dorop net weider agoen.

Mee d'Prozedur solle fir d'Bierger méi kloer ginn, esoudatt dës genau wëssen, wat hir Rechter a wat hir Flichte sinn. Dat nämmelech gëllt natierlech fir d'Chamber respektiv fir déi concernéiert Kommissioun.

Als ADR begrësse mir déi verschidden Upassungen, ausser dem Hiewe vum Grenzwäert vun den Ënnerschrëften, déi noutwendeg sinn, fir dass eng Petition an der Chamber ëffentlech debattéiert gëtt.

Dëse Grenzwäert, wéi mer virdru schonn héieren hunn, soll elo vu 4.500 op 5.500 Stëmme gehuewe ginn. D'Berechnung krute mer och en long et en large erkläert. Mee dat ënnerstëtze mir als ADR net a mir gesinn et och als Feeler un.

Dëse Grenzwäert soll dann och bei all Legislaturperiod nei evaluéiert ginn. Seng Berechnung baséiert op der Entwécklung vum demografesche Wuesstum, a wéi mer all wëssen, klëmmt deen ëmmer weider. Mir sinn eis also all bewosst, dass och dëse Grenzwäert ëmmer weider klëmmt.

Och elo sinn et schonn net vill Petitiounen, déi de Wee bis an d'ëffentlech Debatt an der Chamber packen. D'ADR ass der Meenung, dass dat iwwert d'Zäit nach wäert manner ginn. De Grond läit awer net doran, datt d'Leit sech net méi fir d'Sujeten interesséieren, ...

(Interruption par Mme Francine Closener)

... mee éischer doran, datt d'Leit d'Motivatioun ëmmer weider verléieren, sech ëffentlech ze engagéieren a kloer Positioun ze bezéien, wa si schonn am Viraus wëssen, datt de Wee zum ëffentlechen Debat ...

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

M. Claude Wiseler, Président | D'Madamm Schoos huet d'Wuert ganz eleng!

Mme Alexandra Schoos (ADR) | ... an der Chamber ëmmer méi schwéier gemaach gëtt. Et kann ee sech also d'Fro stellen, wat wierklech mam Erhéije vum Grenzwäert erreecht gi soll. Jiddereen heibannen, deem Biergerbedeelegung an Demokratie wichteg ass, kann am Prinzip nëmme dogéint sinn.

Der ADR ass et wichteg, dass d'Bierger dësen Outil vun der Demokratie esou einfach wéi méiglech notze kënnen, fir aktiv un der Politick deelzehuelen. De Bierger kritt esou d'Geleeënheet, seng Meenung mat der Chamber ze diskutéieren an domat an den ëffentlechen politeschen Debat ze bréngen. An et ass d'Aufgab vun der Politick, dem Bierger dësen Outil méi no ze bréngen an och d'Bedeitung dovunner ze erklären.

D'ADR ass och der Meenung, dass déi direkt Demokratie generell nach méi muss gefërdert ginn, zum Beispill iwwer Referenden, wéi een et aus der Schwäiz kennt. Et ass wichteg, op kruziale Sujeten déi ganz walberechtigt Bevëlkerung direkt ze froen. Et kéint ee souguer iwwerleeën, bestëmmt Krittären ze definéieren, déi et erméiglechen, datt Petitiounen enger Referendumsprozedur ënnerworf ginn.

Une voix | Très bien!

Mme Alexandra Schoos (ADR) | D'ADR steet fir méi Demokratie. Fir eis ass et onakzeptabel, dass de

Grenzwäert vun den néidegen Ënnerschrëfte fir d'Petitiounen gehéicht gëtt!

Une voix | Très bien!

Mme Alexandra Schoos (ADR) | D'Demokratie läit an der DNA vun der Alternativer Demokratescher Reformpartei.

(Brouhaha)

Dowéinst proposéieren ech menger Fraktioun, ...

Une voix | Très bien!

Mme Alexandra Schoos (ADR) | ... dës Ännerung vum Chambersreglement net unzuhuelen. Beziehungsweise, wann et zu engem Vote séparé komme sollt, da wäerte mer eis natierlech géint den Artikel 165quater Paragraf 5 entscheeden an awer beim Rescht natierlech derfir stëmmen.

Madamm Closener, ech hunn nach kuerz Zäit. Jo, Dir hat grad gesot, et si 15 Petitiounen bis an d'Chamber komm, mee et muss een et jo a Relatioun gesinn, wéi vill iwwerhaupt ugeholl gi sinn a wéi vill vun deene Petitiounen de Seuil vu 4.500 gepackt hunn an dann eeben dovunner da 15, déi dann an d'Chamber komm sinn.

Merci.

Plusieurs voix | A!

M. Claude Wiseler, Président | Madamm Closener, Dir wëllt der Madamm Schoos eng Fro stellen. Sidd Der domat d'accord, Madamm Schoos?

Mme Francine Closener (LSAP) | Jo, ech wollt eigentlech dorobber reagéieren, wann ech däerf. Ech weess net, ob Der mech héiert.

M. Claude Wiseler, Président | Jo, am Fong hutt Der keng Reaktioun zegutt. Dir kënnt eng Fro stellen a wann Der nach wëllt an Zäit hutt, duerno nach eng kéier d'Wuert huelen, mee ...

Mme Francine Closener (LSAP) | Ech wollt froen, Madamm Schoos: Wat ass da méi wichteg? Dass mer hei bal all Mount zwee Debatten hunn oder dass mer et dann och fäerdegréngen, aus deenen Debatten dann och als Chamber Konklusiounen ze zéien, déi dem Petitiounär Satisfaktioun ginn?

Wa mir all gudd Broutdag hei eng Debatt hunn, déi guer näischt bréngt, wou mer guer keng Konklusiounen kënnen zéien, well mer et net kënnen ëmsetzen, weeder als Chamber nach als Regierung nach als Administratioun: Wat huet de Petitiounär wann ech gelift do dervun? Guer näischt!

Mme Alexandra Schoos (ADR) | Ech hu jo net gesot, dass mir de Seuil ofschafe sollen. Ech hu just gesot, dass mer e bei 4.500 hale sollen. An natierlech ass et ganz wichteg, wat fir Konklusiounen mer doraus zéien, well soss ass d'Motivatioun nach méi niddreg.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Schoos. Dann huet den Här Meris Sehovic elo d'Wuert. Här Sehovic.

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'alleréischst vläicht déi positiv Aspekter, déi mer mat der Modifikatioun vum Reglement kënnen erreechen. Et ass ugeschwat ginn: Mir kréie méi Kloeerheet, méi Novollzéibarkeet, wat d'Préifung vun de Petitiounen ugeet, d'Rezevabilitéit vun de Petitiounen ugeet. Mir kréie kloer Reegelen, déi och fir d'Biergerinnen an d'Bierger méi novollzéibar sinn.

Dofir soen ech der Presidentin vun der Règlemungskommissioun a Rapportrice Merci an och der Presidentin vun der Petitiounskommissioun Merci. Ech

wëll awer och – an dat, fannen ech, muss ee vläicht op dëser Plaz och eng kéier betounen – Merci soen eigentlech de Kolleeginnen a Kolleegen allegueren, déi an der Petitiounskommissioun schaffen. Mir huelle keng Decisioun licht. Mir diskutéiere vill, an ech mengen, dass mer eigentlech ëmmer zu gudden Resultater kommen.

Da muss ech awer e bëssen aus der Konsenslogik ausbrieche, well et gëtt dann awer ee fundamentale Punkt an deem heite Reglement, wou et en Desaccord gëtt an dee Géigestand war vu ganz, ganz villen Diskussiounen an der Kommissioun – oder an de Kommissiounen.

D'Petitionsrecht ass eent vun de wichtegsten Instrumenter vun der Biergerbedeelegung. D'Petitiounen erlaben et de Leit, hir Suergen direkt un eis, un hir gewielte Volleksvertriederinnen a Volleksvertrieder, erunzebréngen. A genee dat gëtt elo mat dem Eropsetze vum Seuil leider méi schwéier gemaach.

Déi geplangten Erhéijung vum Seuil fir eng ëffentlech Debatt an der Chamber ass dofir eiser Meenung no e kloer Réckschrëtt fir d'Demokratie. Haut brauch ee 4.500 Ënnerschrëften, an Zukunft sollen et der 5.500 sinn. Dat heescht: méi Hürden, manner Gehéier fir d'Biergerinnen a fir d'Bierger.

Eent vun den Hauptargumenter, dat an der Diskussioun och ugefouert ginn ass, wat virdrun och kuerz ugeklungen ass, ass, dass ze vill Petitiounen zu ze villen Debatte géingen hei an der Chamber féieren, an dat géif de Risiko mat sech bréngen, dass d'Chamber iwwerlaascht ass.

Mee Léif Kolleeginnen a Léif Kolleegen, ass net genee dat eis Aufgab? Et ass dach eis Aarbecht, de Biergerinnen a Bierger nozelauschten an hir Uleessen eescht ze huelen, net hinnen d'Méiglechkeet ze huelen, iwwerhaupt Gehéier ze fannen. Wa sech d'Leit d'Méi maachen, Dausende vun Ënnerschrëften ze sammelen, dann hu si et verdéngt, dass mir eis mat hire Sujeten auserneeetzen an net dat maachen, wat mer elo grad amgaange sinn ze maachen, d'Lat nach méi héich ze setzen an deene Leit dann ze soen: „Ma nee, gitt nach eng kéier zrëck, sammelt nach eng kéier 1.000 Ënnerschrëften!“

Manner ëffentlech Debatten iwwert d'Petitiounen heescht manner politesch Matbestëmmung. Manner politesch Matbestëmmung heescht manner Vertrauen an eis Institutionen. A grad elo an Zäite vu wuessender Politikverdrossenheet sollte mir alles anescht maachen, wéi d'Leit nach weider vun der Politick ofzekoppelen.

Wat ass dat fir e Signal, wat mer hei erausschécken? Dass d'Biergerinnen an d'Bierger Iech nëmme dann interesséieren, wann et ëm hir Stëmme geet, awer net, wa si konkret Problemer uschwätzen? Dass hir Uleiese just dann eng Plattform kréien, wann et der Majoritéit hei am Haus passt?

(Brouhaha)

D'Realitéit ass: Dir wëllt de Leit d'Méiglechkeet huelen, Iech drun ze erënneren, dass se och tëscht de Wale sollen a kënnen matschwätzen. An dat, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ass net nëmme falsch, mee et ass och geféierlech!

Kuckt d'Zuelen aus dem POLINDEX 2024. D'Satisfaktioun mam demokrateschen System fällt zanter Joren. Besonnesch bei de Jonken ass d'Vertrauen an d'Demokratie alarméierend niddreg. A wat ass d'Äntwert drop vun der Majoritéit? Net méi Biergerbedeelegung, net méi Transparenz, mee au contraire méi Hürden, méi Distanz, méi Ofschottung!

Wësst Der, wéi dat ausgesäit? Dat ass eng Majoritéit, déi Angscht huet, de Leit nozelauschten. Eng

Majoritéit, déi de Courage net huet, sech mat onbequeemen Theemen auserneezenesetzen, ...

(Exclamations)

... an déi dofir léiwer d'Bierger aus dem Parlament eraushält, aus der Debatt eraushält, amplaz hinnen eng Stëmm ze ginn.

déi gréng wäerte géint dës Erhéijung vum Seuil stëmmen, ganz kloer. An dofir hu mir och mat der Ennerstëtzung vun enger Rei Kolleeginnen a Kolleegen e Vote séparé op deem dote Punkt ugefrot.

Demokratie leeft net vu manner Biergerbedeelegung, mee vu méi. A mir sollten eis dat zu Häerz huelen.

An ech soen Iech Merci.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Sehic. Dann huet den Här Marc Goergen d'Wuert. Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Dass mer d'Timeline nach konnten anhalen, ass eigentlech e Wonner, well et ass vill verhandelt ginn. Et ware vill konstruktiv Gespréicher. Ech muss och soen, den Text a sech ass richtig gutt ginn an e geet op vill Punkten an, wou mer an der Kommissioun festgestallt hunn, dass se mussen verbessert ginn.

Well d'Petitioun sinn nun emol eng erfollegräich Méiglechkeet, fir dass de Bierger den direkten Drot zu eis, zu der Chamber, kritt an eis direkt seng Problemer ka matdeelen. Jo, dofir gëtt et och vill Petitiounen, well d'Problemer wuessen an och d'Verfall weist. Et ass eng gefüllten Demokratie, déi mer dem Bierger net sollten ewechhuelen, mee do kommen ech herno nach eng Kéier drop zréck.

Ech verstinn och d'Majoritéit, dass net all Petitioun, déi duerchkomm ass bei deene 15, hinne gefall huet. Mee och dat gehéiert zur Demokratie derzou. Ech ginn herno nach eng Kéier op de Seuil an, ier ech elo d'Reegelen huelen, wou aus den Erfarungen eraus, déi mer an deene leschte Joren haten – ech mengen, ech maachen dat elo siwe Joer an der Kommissioun –, et huet missen ugepasst ginn.

Virun allem LuxTrust. Dobaussen hunn ech och e bësse Kritik héieren, dass et op eemol LuxTrust wär. Mir hu keen anere Choix gehat. Mir hate Petitiounen, wou mer net woussten, ob dat wierklech den Auteur ass oder net. An da sëtzt een och domm do als Petitiounskommissioun. Do muss een onbedéngt wëssen, ob dat dee Richtegen ass, wann een deen Numm schreift, oder net. Well dat ass och eng Verifikatioun. An dat ass wierklech eppes Wichteges, wann een eng Petitioun eragëtt, dass een herno och sécher ass, dass et dee war.

Da sollen d'Texter kloer sinn. Jo, dat ass natierlech e Lastik. Ech erënnere mech nach gären un déi Zäit zréck, wéi de Gusty Graas bei eis an der Kommissioun war, ...

Plusieurs voix | A!

(Hilarité)

M. Marc Goergen (Piraten) | ... wou de Gusty Graas an ech oft enger Meenung waren, mee mir zwee zimmlech oft eleng där Meenung waren, ...

(Interruption par M. Gusty Graas)

... well mir der Meenung waren, dass an d'Petitiounen net ze vill agegraff sollt gi vun der Kommissioun, wat dat Textuell ubelaangt. An dat ass och wichteg, dass mer dat an Zukunft bäibehale sollen, well et ass de Bierger, dee se geschriwwen huet an et soll net herno d'Meenung vun der Kommissioun erëmस्पигelen. Dat ass eppes Wichteges.

Mir wëllen natierlech och, dass keng Feeler drastinn, well deen, dee se eraginn huet, soll sech jo och dobaussen net blaméieren. Et ass richtig, dass esou Saache mat engem Hinweis solle verbessert ginn. An et ass mir awer wichteg, dass déi Persoun et selwer verbessert an dass net herno e Chamberservice hiheet an déi Aarbecht mécht fir de Bierger, well et ass nach ëmmer dem Bierger seng Petitioun an et ass net d'Chamber, déi se textuell herno soll verfälschen.

Wat elo gutt ass, ass, dass d'Regierung endlech hir Plattform fonnt huet, wéi eng Petitiounen u wéi e Minister sollte goen. Dat ass eppes, wat mer scho länger diskutéiert hunn. D'Regierung wosst jo net, wa mir eng eraginn hunn, u wien et sollt goen. Dat war komesch. Et war, mengen ech, éischter esou en Alibiargument, fir et net ze maachen. Elo mam neie Reglement mussen si déi Plattform schafen a si müssen et endlech maachen.

Wat ganz wichteg ass – an dat ass leider rezent de Fall gewiescht –, ass, dass mer kënnen Petitiounen zeréckzéien, well mir blaméieren eis als Chamberskommissioun, wann ee sech net un d'Reegelen hält – ech soen elo den Numm net, mee et war ëm e Logo gaangen – an herno kënnst déi Petitioun awer duerch a se gëtt hei debattéiert. Da brauche mer keng Reegelen! Dat doten ass ganz gutt, dass mer dat elo an d'Reglement geschriwwen hunn, dass een déi an deem Fall kann zeréckzéien. Well dat ass och Demokratie. Well all Petitioun soll sech un déi selwecht Reegelen halen, an et geet net, dass ee quasi mat engem Faux probéiert, méi Stëmmen ze kréien, an déi awer herno hei debattéiert gëtt. Mee ech mengen, dee Fall ass jo nach net ganz ofgeschloss. Mir kucken, ob se bis heihinner wäert kommen oder net.

Dann zu dem Seuil: Ech verstinn, dass do Parteien anerer Meenung kënnen sinn. Ech mengen, wann ech richtig eraushéieren hunn, si souguer d'Deputéiert innerhalb vun de Parteien anerer Meenung. Dat ass awer och ganz demokratesch. Och do gëtt et verschidde Meenungen.

Also, ech sinn een ... Et sinn der 15 gewiescht. Ech wär och fir 30 komm! Dat hätt mech net gestéiert. Ech fannen et gutt, wann de Bierger en direkten Accés huet. A wann en dofir nëmmen 4.500 Ennerschrëfte brauch, ass dat fir mech och ok. A wann et en Zäitproblem ass: Ech mengen, dat soll d'Demokratie eis wäert sinn. Also, ech soen elo e bësse pickeg: Ech géif op verschiddenen Heures d'actualitéen, wou een heiansdo mengt, se wiere just ugefrot, fir op de Mikro ze kommen, léiwer verzichten, awer dofir géing ech gär de Bierger héieren, ...

(Brouhaha)

... géing ech gär de Bierger hei héieren.

Ech hu keng Nimm genannt a keng Partei. Jiddereen däréif sech do seng Meenung maachen.

(Coups de cloche de la présidence)

M. Claude Wiseler, Président | Här Goergen, loosst Iech net stéieren!

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

M. Marc Goergen (Piraten) | Also, Här Di Bartolomeo, wann ech de Compteur géing kucken tëscht LSAP a Piraten an deenen Heures d'actualités-Geschichten ... Also, ech hunn elo keng Nimm gesot, mee Dir stëppelt jo gären.

Also, déi 4.500 ...

(Interruptions)

Souguer wa mer se géinge pro Deputéierten erofrechnen!

M. Claude Wiseler, Président | Här Goergen, wann echgelift kommt zum Sujet zréck!

M. Marc Goergen (Piraten) | O, et ass den Här Di Bartolomeo, deen hei erëm wollt ...

(Interruption et hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Nee, kommt, mir kucken, dass mer elo zum Schluss kommen. Den Här Goergen huet d'Wuert an déi aner schwätzen elo net dran!

M. Marc Goergen (Piraten) | Zu deene 4.500: Also, mir sinn der Meenung, et hätt kënnen bei deene 4.500 bleiwen, well mech, wéi ech virdru gesot hunn, stéiert et net, wa mer e puer Petitiounen méi hei musse behandelen.

Dir hutt virdrun zum Beispill richtegerweis d'Petitioun vun de Brëller genannt. Déi wär awer net komm bei deene 5.500. Elo kann een natierlech ... Déi hat 5.474. Ech hat mer virdrun e bëssen d'Zuelen ugekuckt. Dat si keng 5.500. Se wär net komm. Plus déi, déi net valabel sinn, da wär et schwéier ginn. Dat selwecht bei där vum Handy an der Schoul: 4.775. Et gëtt der e puer, déi do net diskutéiert gi wäeren. An dat ass eigentlech de kruziale Punkt.

Elo kann een déi Theorie entwéckelen, déi ech awer net ennerstëtzen, dass elo automatesch méi Leit wäerten ennerschreiwen. Ech hoffen, Dir hutt Recht a mir hunn d'nächst Joer méi wéi 15 Petitiounen. Well et ass dat, wat ech zum Schluss nach wollt matginn. Da kommt, mir moossen eis drun, ob elo méi Petitiounen kommen! Well wann et der manner sinn, da wësse mer jo ganz kloer, dass d'CSV an d'DP just wollten, dass d'Leit manner kënnen matschwätzen. Dann hu se zwar hiert Zil erreecht, mee dat ass keng Demokratie, wou d'Leit kënnen matschwätzen.

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Wat sot Der?

M. Claude Wiseler, Président | Nee, wannechgelift!

M. Marc Goergen (Piraten) | Et ass net dat Zil, wat mer an enger Demokratie sollten hunn. Mee mir sollte méi Matbestimmung ... Dir kënnst Iech elo opreegen. Mee mir haten an der Kommissioun souguer Leit, déi wollten nach méi en héije Seuil. Also, dat wier jo nach méi schlëmm ginn! Mir sollten dem Bierger d'Dieren an der Chamber opmaachen ...

(Interruption par la présidence)

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | ... a mir sollten ophalen, d'Dieren zouzemaachen!

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goergen. D'Wuert ass elo fir den Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Ier ech zum Seuil kommen, just awer och nach eng kleng Remark, wat d'Hëllef ugeet fir d'Petitionären. Well d'Petitionsrecht, wat souwisou e ganz aalt parlamentarescht Recht ass, net just zu Lëtzebuerg, ass jo awer och eng Déngschtleschtung fir de Bierger. A mir hunn oft driwwer geschwat, den Här Goergen huet dervunner geschwat, dass mer oft déi Diskussiounen hunn, awéieren een, tëschent Guillemeten, „agräife“ soll an enger Petitioun, déi mer esou brut erakréien.

An do ass ëmmer eng Diskussioun. Ech sinn och net der Meenung, an ech war och ni der Meenung, dass ee soll inhaltlech agräifen. Mee et muss een awer eng Hëllef kënnen leeschten, och wat d'Schrëft ugeet,

well d'Mënschen, d'Leit, sinn net all gläich virun der Schrëft. Dat ass ganz kloer!

(Interruption)

Jo, Här ...

(Interruption)

Dat ass eng liberal Aschätzung, wou et nëmmen den Individuum gëtt an ob een d'Chance hat, eng gutt Educatioun ze kréien oder eng manner gutt Educatioun ze kréien. Do ass jiddereen op sech eleng gestallt.

Ech gesinn dat net esou. Ech sinn der Meenung, datt gewësse Leit vläicht net onbedéngt déi selwecht Facilitéit hunn ze schreiwen – wat net heescht, datt se méi Schwierigkeeten hunn nozedanken; dat eent huet näischt mat deem aneren ze dinn – an datt een awer muss kënnen soen: „Voilà, mir hëllefen Iech, eng Saach besser a méi propper ze formuléieren, sief et orthografesch oder vläicht och legistesche et cetera.“ Soss reproduzéiere mer och sozial Inegalitéiten, ënner aneren.

Bon, zum Seuil: Jo, mir bedauern och e bëssen d'Frilositéit, zemoos d'Frilositéit vun den dräi gréissere Parteien, déi vläicht heiansdo ze laang a Regierunge sinn a vläicht och de Wëllen oder d'Bestriewunge vun der Bevëlkerung heiansdo e bëssen aus den Ae verléieren. An dat gesi mer jo och hei an der Petitiounsdebat.

Mir hu laang doriwwer diskutéiert, an haaptsächlech iwwert de Punkt do, an der Petitiounskommissioun. An ech hunn och zu deene gehéiert, déi gesot hunn: Mir sinn net der Meenung, datt elo déi Erhéijung vun 1.000 Signaturen à froid e gutt Signal géif bréngen!

A wann een och nach seet: „Mee pass op, mir kréien ze vill Petitiounen!“, dann ass dat och kee gutt Signal un d'Petitiounäre geschéckt. An et ass guer net esou evident, 4.500 Signaturen ze erreechen. Dat hänkt och ganz dervunner of, wéi ee sech uleet. Dat hänkt dervunner of, ob vläicht d'Meedien an d'Press e Sujet méi interessant fanne wéi en aneren an dann och vun deem schwätzen oder net vun deem schwätzen. Also, esou déif ass dee Seuil guer net.

Et ass eng brutal Augmentatioun. Natierlech, 2013, deemools hätten d'Leit, déi de Règlement oder déi Reegele festgeluecht hunn, sech kënnen virstellen, datt d'Bevëlkerung changéiert mat der Zäit, am Prinzip wiisst, wann alles gutt geet, an datt een dat hätt kënnen adaptéieren. A vläicht wieren d'Spillreegele méi kloer gewiescht, wann een dann eng Adaptatioun gehat hätt a wann ee schonn direkt am Ufank gesot hätt: „Bon, ok, no all Legislatuur“, ech hat ee Moment souguer im Eifer des Gefechts gemengt alljoers, dass ass vläicht e bëssen iwwerdräiw, mee weinstens all Legislatuur, „augmentéiere mir dat.“ Da wier dat och an der Bevëlkerung akzeptéiert ginn, well et ass jo eng relativ Zuel. Et ass e Koeffizient vun 0,6 % vun de Residenten a vun de Frontalieren – also net all déi Leit, déi am Registre national des personnes physiques sinn, ëmmerhin –, well dat sinn och all déi, déi kënnen ënnerschreiwen. Bon.

Vläicht hätt ee sech och kënnen eng aner Léisung iwwerleeën, amplaz de Seuil ze änneren, datt een de Koeffizient ännert an datt een deen un den aktuelle Seuil adaptéiert. Dat heescht, mir bleiwe bei 4.500 an datt mer duerno lues a lues allkéiers de Seuil eropsetzen op eng méi duuss Aart a Weis.

Elo wäerte mer relativ brutal de Seuil ëm 1.000 Signaturen eropsetzen. An dat ass wierklech kee gutt Signal fir d'Petitiounären dobaussen. Et wäert schonn eendeiteg méi schwéier sinn. Voilà, deementsprechend wäerte mir natierlech och beim Vote séparé matstëmmen.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. Domat wären dann d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner an den Debat zu dësem Punkt ofgeschloss.

Et ass vun deene Gréngen e Bréif eragereecht ginn, fir e Vote séparé ze maachen, deen och vun anere Fraktiounen a Sensibilitéit mat ënnerschriwwen ass. Op Basis vum Artikel 48 vum Chambersreglement ass ee Vote séparé gefrot ginn. Et gëtt gefrot, e Vote séparé iwwert den Artikel 165quater Paragraf 5 ze maachen. Mir müssen dann eenzel iwwert dësen Artikel ofstëmme.

An d'Fro ass elo esou: Wien d'accord ass mat dem Artikel 165quater Paragraf 5, esou wéi de Projet de loi e proposéiert, dee soll mat Jo stëmme, all déi, déi dergéint sinn, mat Neen, an déi, déi sech enthalten, solle sech enthalten. Ech mengen, d'Instruktiounen sinn elo kloer.

Vote séparé sur l'article 165quater, paragraphe 5, de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés

An da géing ech dëse Vote séparé opmaachen. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Oui: 35, Non: 13, Abstention: 12.

Dësen Artikel ass also esou ugeholl, wéi en am Änderungsverschlach vum Chambersreglement virgesinn ass, mat 35 Jo-Stëmme géint 13 Nee-Stëmme bei 12 Abstentionen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : M. Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten (par Mme Taina Bofferding), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de gesamten Änderungsverschlach vum Chambersreglement. Den Text steet am Document parlementaire 8497¹.

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8497

An och hei fänkt d'Ofstëmmen elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmme, keng Nee-Stëmm, keng Abstention.

Dësen Änderungsverschlach vum Chambersreglement ass also eestëmmege ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An hei brauche mer natierlech keng Dispens ze froen. An dann ass domat dëse Punkt och ofgeschloss.

20. Désignation d'un Ombudsman

An da komme mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun dëser Woch.

Esou wéi dat ofgeännert Gesetz vum 22. August 2003 iwwert den Ombudsman an d'Artikelen 130 bis 134 vum Chambersreglement et virgesinn, ass d'Chamber derzou opgeruff, haut en Ombudsman ze designéieren.

No den Dispositiounen vun den Artikelen 131 an 132 vun eisem Reglement huet d'Präsidentekonferenz eng Kandidatelëscht mat dräi Persounen arréiert, déi un d'Deputéiert verschéckt ginn ass an och nach eng Kéier haut verdeelt ginn ass.

Dat sinn an alphabeetescher Reiefolleg: den Här Jan Kayser, d'Madamm Claudine Konsbruck an d'Madamm Tine Annemarie Larsen.

D'Chambersreglement gesäit vir, dass d'Ofstëmmung geheim a perséinlech ass. Et däerf also net par procuration ofgestëmmt ginn. Nëmme d'Votten iwwert déi offiziell deponéiert Kandidature sinn och valabel.

Esou wéi den Artikel 71 Alinea 3 vun der Constitution et virgesäit, erfollegt d'Designatioun vum Ombudsman duerch eng qualifizéiert Majoritéit, dat heescht zwee Drëttel vun den Deputéierten, also 40 Stëmme.

Wa beim éischten Tour kee vun de Kandidaten déi qualifizéiert Majoritéit krut, kënn et zu engem Ballotage, an deem déi zwee Candidate vertruede sinn, déi am éischten Tour déi meeschte Stëmme kritt hunn.

Bei Stëmmegläichheet am éischten Tour kënn et zu engem Spezialtour, fir d'Candidate fir de Ballotage ze designéieren. An dësem Spezialtour, an nëmme an dësem Spezialtour, geet dann eng einfach Majoritéit duer.

Beim Ballotage gëtt et dräi Méiglechkeeten:

Entweeder ee Kandidat kritt déi qualifizéiert Majoritéit vun de Stëmme an ass da gewielt.